

D'LSAP-Sektioun Déifferdeng huet mat Bedauern d'Decisioun vun der Spuerkees zur Kenntnis geholl fir d'Agence zu Nidderkuer 2022 zouzemachen.

Mär kënnen mat dëser Decisioun absolut net averstane sinn.

Nodeems schonn d'Agencen zu Uewerkuer an um Fousbann viru Joeren hir Dieren zougemaach hunn, bedeit dës Decisioun vun der BCEE-Direktioun eng weider Verschlechterung vum Service um Client an eiser Gemeng.

Besonnech fir eis eeler Matbiergerinnen a Matbierger bedeit d'Zesummeleeë vun den aktuellen Agencen Nidderkuer an Déifferdeng um Standuert Opkorn een zousätzlechen Opwand wa si Bankgeschäfte am Guichet wëllen erleedegen.

Mär bedauern doriwer eraus, datt d'Decisiounen vun der Spuerkees ouni Dialog mat de concernéierte Gemenge geholl goufen.

D'LSAP -Sektioun Déifferdeng fuerdert dowéinst d'Buergermeeschtesch an de Schäfferot op d'Gespréich mat der Direktioun vun der Spuerkees ze siche fir dat déi aktuell Agencen zu Déifferdeng an zu Nidderkuer op hire momentane Standuerter erhale bleiwen.

Merci de bien vouloir publier ce communiqué.

Pour le LSAP Déifferdeng

Erny Muller